Ech verroden iech elo eng Nummer déi ass nëmmen, fir wann eppes Schlëmmes geschitt ass. Wann s d'Angscht hues, an et ass keen do deen der hëllefe kann, dann huel den Telefon a ruff un op der Nummer

# 113

Dat ass de Noutruff vun der Police. Do ass ëmmer een deen der hëllefe kann, an dofir muss du him awer och soen:

**Wien**

wien s du bass, also däi Numm an däi Familljennumm

**Wou**

wou s de elo grad bass, wou s de wunns

**Wat**

wat geschitt ass, ob en Abriecher do ass, oder wann s du an Nout bass

## 1,2,3 lass, so mer wat et ass!



**Et ka just rullen, an net goen,**
**an et muss bremsen, fir ze stoen.**
**Et kann net schwätzen, mee just tuten,**
**et waart schéi bei de roude Luten.**

**Et réckelt ni vu senger Plaz**
**'t ass net ganz wäiss an net ganz schwaarz**
**net karéiert a net getëppelt**
**huet gär wann een drop trëppelt.**

**Op Rieder rullt däi klengen Hotel.**
**Du kriss eng extra Super-Fotell,**
**déi Fotell ass fir dech eleng,**
**well fir déi Grouss ass si ze kleng.**

## kanner, wësst dir nach, wat dir mir versprach hutt ?



2013

# dem Poli seng Päif

Verkéierskasperl
vun der Sécurité Routière
gespillt vun der Police Grand-Ducale



SÉCURITÉ ROUTIÈRE LUXEMBOURG · BIL · POLICE

# Op der Strooss ass op eis Verlooss

Jang Linster - Ab van Goor

## *Léif Kanner, Elteren an Enseignanten,*

*Léieren, wéi ee sech richteg am Stroosseverkéier behëlt, ass e laange Prozess, dee schonn an der Famill ufänkt an an der Schoul weidergeet.*

*An dësem Léierprozess kann de Verkéierskasperl - deen d'Sécurité Routière organiséiert - an dee vun der Police fir Kanner aus dem Cycle1 gespillt gëtt,wichteg sinn, well:*

*. en d'Kanner stimuléieren an motivéiere kann, sech ëmmer richteg am Stroosseverkéier ze verhalen*

*. en dem klenge Foussgänger hëllefe kann, sech un déi wichtegst Verhalensregelen ze erënneren*

*. et e gutt Mëttel ass, fir d' Kanner mat der präventiver Roll vun der Police vertraut ze maachen.*




T' Lidd fannt Dir op: www.securite-routiere.lu ➔Liens utiles



bei ROUT bleiwe mer stoen

a bei GRENG däerfe mer goen

da gëtt nimools e Kand
vum Auto iwwerrannt

a si mol keng Luten do
stelle mir keng Fro
da passe mir nach besser op
an da geet et séier allez hopp



## So, Joffer...?

Firwat huet de Willy eng Bëls um Kapp ?

Wouhi muss ee kucken, wann een iwwer d'Strooss wëllt goen ?

Maachen den Zang an de Lusel alles richteg, wa si iwwer d'Strooss ginn ?

Wat däerf de Litti net vergiessen, wann hien ënnerwee ass, an et fänkt un däischter ze ginn ?

Op wéi enger Säit geet de Litti, wa keen Trëttoir nieft der Strooss ass ?

Firwat wëllen den Zang an de Lusel kee Blinki mathuelen ?

Klëmmt de Litti bei den Zang an de Lusel an den Auto ?

Bleiwen d'Autoe wierklech stoen, well de Litti gepaff huet ?